



Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
2. 6884 - Projet de loi portant approbation
 1. du Règlement général de l'Union postale universelle adopté au Congrès postal universel de Doha, le 11 octobre 2012;
 2. de la Convention postale universelle et de son Protocole Final, adoptés au Congrès postal universel de Doha, le 11 octobre 2012
 - Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace: M. André Bauler
 - Discussion générale: Mme Diane Adehm, M. Yves Cruchten, M. Claude Adam
 - Prise de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
3. 7133 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques
 - Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace: M. Eugène Berger
 - Discussion générale: Mme Diane Adehm, M. Yves Cruchten, M. Claude Adam
 - Prise de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias

4. 7116 - Projet de loi portant approbation de la Convention européenne relative à la protection du patrimoine audiovisuel faite à Strasbourg, le 8 novembre 2001
 - Rapport de la Commission de la Culture: M. André Bauler
 - Discussion générale: Mme Martine Mergen, Mme Taina Bofferding, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Marc Baum
 - Prise de position du Gouvernement: M. Guy Arendt, Secrétaire d'État à la Culture
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
5. Interpellation de de M. Fernand Kartheiser au sujet de la liberté d'expression
 - Exposé: M. Fernand Kartheiser (dépôt de trois motions et d'une résolution)
 - Débat: M. Gilles Roth (intervention de M. Fernand Kartheiser), M. Alex Bodry (interventions de M. Fernand Kartheiser, de M. Claude Haagen, de Mme Nancy Arendt et de M. Gilles Roth), M. Claude Adam (interventions de M. Alex Bodry, de M. Fernand Kartheiser, de M. Eugène Berger, de Mme Viviane Loschetter et de M. Claude Haagen), M. Eugène Berger, M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Gilles Roth), M. David Wagner
 - Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice (interventions de M. Fernand Kartheiser et de M. Roy Reding), M. Fernand Kartheiser (parole après ministre)
 - Motions et résolution: M. Alex Bodry, M. Gilles Roth, M. Fernand Kartheiser
 - Votes sur les motions 1 à 3 (rejetées)
 - Vote sur la résolution 1 (rejetée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Félix Braz, Ministres; M. Guy Arendt, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ee schéine gudde Mëtten! Ech maachen heimat d'Sëtzung op a froen de Premierminister, ob en eng Kommunikatioun ze maachen huet.

(Négation)

An de Premierminister gëtt mer och direkt d'Antwert. Also am Moment huet d'Regierung keng Kommunikatioun ze maachen. Da gi mer direkt zum normalen Ordre du jour iwwer.

Mir fänken u mam Projet de loi 6884, enger Ofännerung vum Reglement iwwert déi universell Postunioun, d'Union postale universelle. De Modell fir d'Diskussiounen ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den honorablen Här André Bauler.

2. 6884 - Projet de loi portant approbation

1. du Règlement général de l'Union postale universelle adopté au Congrès postal universel de Doha, le 11 octobre 2012;

2. de la Convention postale universelle et de son Protocole Final, adoptés au Congrès postal universel de Doha, le 11 octobre 2012

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat dësem Gesetzesprojet heesche mer de Règlement général vun der Union postale gutt souwéi awer och déi universal Postkonventioun an de Schlussprotokoll, esou wéi se um universelle Postkongress zu Doha den 11. Oktober 2012 ugeholl goufen.

De 25. Kongress vun der Union postale universelle war zu Doha vum 24. September bis de 15. Oktober 2012. Als spezialiséiert Organisation vun de Vereenten Natiounen regroupéiert d'Union postale 192 Memberstaaten an huet als Zil, d'Zesummenaarbecht tëschent den Akteuren aus dem Postwiesen ze garantéieren.

Den Acte fondamental vun der Unioun, déi sougenannt Konstitutioun, ass net duerch de Kongress vun Doha modifizéiert ginn. D'Ännerung vun den Akten, déi virdru genannt gi sinn, situéiere sech am Kontext vun der Strategie vun Doha fir den Zyklus 2013-2016.

Dës Strategie huet als Zil, de Postoperateur ze hëllefen, hire Réseau ze entwéckelen, ze mo-

derniséieren an ze adaptéieren, an dat op engem Marché, dee voll an der Entwécklung ass. D'Strategie vun Doha berout virun allem op véier Hauptziler: éischstens, d'Interoperabilitéit vun den internationale Postnetzer ze verbesseren; zweetens, dem Postsektor dat erfuerdert technesch Wëssen an déi noutwendeg Expertise zoukommen ze loosse; drëtens, innovéierend Produkter a Servicer ze ënnerstëtzen, andeems een déi physisch, finanziell an elektronesch Dimensioun vum Postreseau entwéckelt; véiertens, d'Nohaltegkeet am Postwiesen ze begënschtegen, andeems een och déi wirtschaftlech, sozial an ekologesch Komponenten net aus den Ae verléiert.

All dës Ziler schreiw sech an de Kontext vun der schneller Entwécklung an dem groussen Empfang vum elektronischen Handel an.

Ënnert de Moossnamen, déi de Kongress diskutéiert huet, wëll ech der just e puer erwähnen: Zum Beispill d'Interkonnektivitéit vun de grenziwwerschreidende Postreseauen, déi noutwendeg ass, fir e gudder Service a puncto Livraisoun ze garantéieren an e performante Retour vu Marchandisen; e weltwäite Kontrollsystem, deem op der Identifikatiounstechnologie mat Radiosfrequenz berout; d'Unhuele vu minimalen obligatoreschen Normen an e regelméisseg Austauschsystem vun elektronischen Donnéeën vun de Postoperateur mat den Douanen an dem Sektour vun der Aviatioun, dëst, fir d'Installatiounen ze sécheren, awer och a grad den Transport an d'Behandlung vum internationale Courier. Eng lescht Mesure ass déi vum Projet POST, deem als Zil huet, den technesch Kader ze verbesseren, fir den elektronischen Handel bei de Postoperateur ze férdere.

Et sollt een och nach präziséieren, dass Lëtzebuerg net méi deen neien Arrangement iwwert d'Services postaux de paiement ënnerschriwwen huet, deem den 1. Januar 2014 a Kraaft getrueden ass. D'Adhäsion zu dësem Arrangement, deem de Fonctionnement vum Mandat postal regelt - dat heescht, den Transfer vu Fongen duerch d'Postservicer bei d'Destinatären am Ausland, déi kee Bankkonto hunn -, muss bei all Kongress erneiert ginn. Et ass awer elo esou, dass de Volume vun de Postmandater bestänneg a substanzieel erofgeet, soudass déi héich operationell an informatesch Käschten net méi berechtegt waren.

Här President, d'Beruffskummeren hunn hiren Avis de 25. September 2015 an de 14. Oktober 2015 erausginn. Si hate keng speziell Observatiounen ze formuléieren. De Statsrot huet sengersäits a sengem Avis vum 8. Dezember 2015 bemierkt, dass den Article unique vun dësem Projet mat Präzisioun d'Dokumenter muss nennen, déi op eng parlamentaresch Approbation ugewise sinn, an dat konform zum Artikel 37 vun der Verfassung.

A sengem Avis vum 14. Juli 2017 huet déi héich Kierperschaft de parlamentareschen Amendement vum 3. Abrëll 2017 guttgeheescht.

Fir den Detail vun den Entscheedungen vum 25. Kongress vun Doha vum 2012 verweisen ech op de schrëftleche Rapport.

Ofschléissend wëll ech de Beamten aus dem zoustännegen Ministère, awer och de Kolleginnen a Kolleegen aus der Kommissioun Merci soe fir hir Hëllef an hir Remarquen a ginn dann och nach den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet elo d'Madamm Adehm.

Discussion générale

► **Mme Diane Adehm (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Post Courier, déi sech ëm d'Bréifpost vun eiser Lëtzebuerger Post këmmert, traitéiert all Dag an der Moyenne 580.000 Bréiwer. Derbäi kommen nach méi wéi zwou Milliounen Päck pro Joer. Dat ass net näischt!

Well e groussen Deel dovunner an d'Ausland geet respektiv aus dem Ausland kënn, ass et wichteg, dass d'Aktivitéit vu Post Courier Deel vun engem internationale Réseau sinn, eben der Union postale universelle.

D'Union postale universelle ass een Organ vun de Vereenten Natiounen a regelt d'Zesummenaarbecht vun den eenzelnen Operateur aus dem postaleschen Sektour.

Ech wëll elo net nach eng Kéier de ganze Rapport vum Här Bauler widderhuelen, en huet dat exzellent a senger Funktioun als Rapporteur gemaach, ech wëll just verschidde Punkten nach eng Kéier ganz kuerz erausgräifen.

Um Kongress am Joer 2012 huet d'Unioun sech en neit Reglement ginn, fir hire Fonctionnement sécherzestellen. Des Weidere gouf och d'Convention postale universelle ëmgeännert. Hei geet et ënner anerem drëm, fir d'Postreseauen, déi iwwert d'Grenze vun engem Land erausginn, besser ënnereneen ze vernetzen. Dëst ass haaptsächlech vun Notzen am Kader vum Commerce électronique. Et goufen och minimal Sécherheetsnormen agefouert, fir d'Sécherheet vum internationale Courier ze assuréieren, an dëst och an Zesummenaarbecht mat der Douane an dem Sektour vun der Aviatioun.

Als CSV ënnerstëtze mir all dës Mesuren. Ech ginn heimat den Accord vun der CSV an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och der Madamm Adehm. Da wier et um Här Yves Cruchten.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).**- Merci, Här President. Ech mengen, ech kann et nach e bësse méi kuerz maache wéi meng Virriednerin. Ech soen natierlech och dem André Bauler villmools Merci fir säi gudden schrëftlechen wéi och mëndlechen Rapport, zu deem absolutt näischt méi derbäizesetzen ass. Dee war komplett. Villmools Merci dofir. An ech ginn natierlech och den Accord vun eiser Fraktioun. Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Här President, ech soen och dem Rapporteur Merci fir seng Aarbecht a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Weider Wuertmeldungen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn. Dann huet de Premierminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias.**- Ech wollt dem Rapporteur, dem Här Bauler, Merci soen. Ech wollt och den Intervenante vun deene verschiddene Parteien Merci soen. An ech mengen, et ass alles gesot. An ech soe Merci fir d'Zoustëmmung.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Da kënnen mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6884 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6884 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass eriwwe: 60-mol Jo. Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Octavie Modert), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Mergen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par M. Yves Cruchten) et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?



(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer kommen zum nächste Projet, dem Projet 7133, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert déi elektronesch Medien. Och hei ass de Basis-modell festgehalen. An de Rapporteur ass scho prett. Den Här Berger huet d'Wuert.

3. 7133 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace

► **M. Eugène Berger (DP)**, rapporteur.- Merci, Här President. De Service information et presse, mir kennen deen alleguerten ënnert der Bezeichnung SIP, dee gouf 1991 offiziell per Gesetz kreéiert, och wann et de Service scho virdru gouf. 1991, dat war net grad méi d'Dinosaurierzäit vun der moderner Kommunikatioun, mä awer nach sécher, kéint ee soen, d'Steenzäit. Et sinn nach praktesch keng Handye ginn, SMS an Twitter gouf et net oder huet een net kannt. Den Internet ass et och ganz sporadesch ginn. Dee war a sengen Ufänk.

Computeren, d'PCe waren och nach net ganz vill verbreet. Ech ka mech erënneren, 1991 hunn ech als Schoulmeeschter e Computer deemools mat a meng Klass geholl. Dat war, wéi wann en UFO do gelant wier. Am DOS-Programm huet een dann do Texter geschriwwen, fir emol op eng aner Aart a Weis dann och Texter ze schreiwen. Bon, a Frankräich war et virun allem de Minitel, deen awer do seng éischt Schrëtt gemaach huet, an et huet een deemools gemengt, dat kéint d'Zukunft vun der Kommunikatioun sinn.

Haut si mer awer elo an der Zukunft ukomm an et huet sech also och opgedrängt, fir déi Missioun vum SIP op déi nei Informatiounstechnologien, déi sech awer rasant entwéckelt hu säit 1991, ze adaptéieren. Ech mengen, de Phénomene Internet, deen huet wierklech zu ganz spektakulären a ganz fundamentalen Entwécklungen gefouert, déi och d'Press, d'Presse-landschaft, d'Kommunikatioun net onberéiert gelooss hunn. Déi sozial Medien hu sech domadder och entwéckelt. Déi erlabe jo, Milliounen, Milliarde Leit ronderëm d'Auer ze informéieren, sech mateneen auszutauschen, Continue mat deenen anere Leit ze deelen, Informatiounen ze deelen an esou weider.

Mir wëssen alleguerten, dëst bitt nei Opportunitéiten, awer och nei Defie fir d'Medien a sécherlech och domadder fir de SIP, de Service information et presse. An duerfir wäerte mer da mat dësem Projet de loi d'Missioun vum SIP deementspreechend upassen. Also upassen un de modernen Zäitalter vun der digitaler, globaliséierter Kommunikatioun.

Et muss een awer och soen: D'Grondaufgabe vum Service, déi sech de Legislatuer deemools gesat huet, sinn awer haut och nach ëmmer aktuell. Wat ass dat? Bon, de SIP ass virun allem derfir zoustänneg, d'Effentlecheit am Allgemengen an d'Press am Speziellen iwwert d'Aktivitéite vum Stat, iwwert d'Aktivitéite vun der Regierung ze informéieren. Dozou gehéieren och dann d'Organiséiere vu Pressekonferenzen, d'Publikatiounen vun offiziellen Dokumenter, d'Promotioun vu Lëtzebuerg am Ausland.

De SIP hëlt och eng ganz wichteg an zentral Roll an am Déngscht vum Lëtzeburger Bierger. An der Pressefräiheet steet en och do, fir déi net nëmmen ze garantéieren, mä och nach ze verbessern. A wat mer awer och hei an dem Projet de loi, also an de Missiounen net onbedéngt nei derbäigesat hunn, mä wou een awer och en Akzent drop geluecht huet, dat ass, datt de SIP an Zukunft och eng Kommunikatiounsstrategie ausschaffen an ëmsetze soll, wéi d'Regierung um Internet a virun allem op de soziale Medien optriede soll. Do gëtt also weider dru geschafft.

Et ass net esou, datt säit 1991 de SIP do stoe bliwwen wier. Ech mengen, an de leschte Joren, Jorzénge huet en natierlech awer och versicht, mat der Zäit ze goen. A voilà, dat heescht also, et gëtt weider dru geschafft, fir eben Onlineinformatiounen iwwert d'Regierungsarbeit an all déi aner Missiounen mat deenen neien Informatiounstechnologien ze maachen.

Eng aner wichteg, och nei Missioun, kéint ee soen, besteet doranner, eng Strategie ze developéieren, wéi een den Accès zu de staatlechen Informatiounen, fir et emol esou ze stellen, also Informatiounen aus deenen eenzelne Verwaltungen, aus de Ministère, nach besser a méi transparent ze gestalten. „Open data“, open data op Lëtzeburgeresch, ass hei d'Stéchwuert. An hei sief ugemierkt, datt do jo och nach e Projet de loi iwwert d'Administration

transparente um Instanzewee ass an nach an dëser Legislaturperiod och wäert gestëmmt ginn.

Well Informatioun a Kommunikatioun jo bekanntlech keng Eebunnstrooss ass, muss de SIP och derfir suergen, datt d'Regierung gutt informéiert bleift. Ech mengen, dat mécht de SIP och haut schonn. De SIP analyséiert all national an international Norichten, gëtt se un d'Regierung weider, fir datt si dat dann och kënnen an hirer Aarbecht benotzen, datt se ëmmer um aktuellste Stand sinn. Mir kennen dat jo och alleguerten, déi traditionell, kéint ee scho bal soen, Revue de presse vum Service information et presse.

Vläicht nach eng kleng Neierung um Niveau vun der Struktur oder vun der Gouvernance: De SIP, dee steet an Zukunft net méi ënnert der Autoritéit vum Minister, deen de Ressort Informatioun huet. Hei mat dësem Projet de loi kënnst déi politesch Responsabilitéit vum SIP formell bei de Statsminister. Mir wëssen, an dëser Legislatur ass dat och an engems de Kommunikatiouns- an Informatiounsminister.

Eng lescht Neiegkeet dann och nach an dësem Projet, dat wéi gesot e kuerze Projet ass, bezitt sech dann op de Kader vum Personal, deen hei dann och geschafe gëtt. Dat heescht, hei gëtt eigentlech de SIP eng Verwaltung vum Stat. De Chef vum SIP, dat ass a bleift den Direkter, deen dann an Zukunft vum Premier proposéiert an da vum Grand-Duc genannt gëtt.

Vläicht nach eng kleng Remarque: An de Kommisziounsarbeit war eng Partei, déi sech enthalen hat beim Vott vum Rapport, well do gefrot gi war, fir nach kënnen Abléck an e Reglement ze kréien. Et war elo zwar net direkt eng Referenz zu engem Reglement am Projet de loi, mä dat war eng Kéier erwäant ginn. Dir krut alleguerten dee Projet, de Règlement grand-ducal geschéckt. Dat ass elo och näischt Dramatesches. Et ass eigentlech nëmmen, wou gesot gëtt, datt d'Konditiounen vun der Admissioun, Nominatioun a Promotioun vum Personal vum Service information et presse un dat ugepasst ginn, wat bei deenen anere Kadere vun der Administration gouvernementale ass. Dat sinn dräi Artikelen. Voilà, duerfir hoffen ech, datt dann awer de Projet de loi op eng ganz grouss Zoustëmmung hei an der Chamber wäert kommen.

Dat gesot, géif ech dann och hei den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn. Merci.

► **Une voix.**- Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. An d'Wuert huet d'Madamm Adehm.

Discussion générale

► **Mme Diane Adehm (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Reform vum Service information et presse ass am Regierungsprogramm mat ganzer zwee Sätz ugekënnegt ginn. D'Demokratesch Partei hat als eenzeg vun den dräi Regierungsparteien eppes iwwert d'Reform vun dësem Service an hirem Wahlprogramm stoen. Dëst alles war am Hierscht 2013.

Haut si mer am November 2017, also ganzer véier Joer méi spéit. Do hate mir eis als CSV wierklech eng grondleeënd Reform erwaart. Eng déif gräifend a fundamental Reform. Mä mir sinn enttäuscht ginn!

► **Une voix.**- Oh!

► **Mme Diane Adehm (CSV).**- Eise Fazit zu dëser Reform ass: „Der Berg kreißte und gebar eine Maus.“

Vun néng Missiounen, déi de Service information et presse huet, sinn der just dräi nei bäikomm. Éischt Missioun: De Service information et presse definéiert der Regierung hir Kommunikatiounsstrategie betreffend den Internet an d'sozial Medien a setzt se och ëm.

Déi zweet Missioun, déi dann nei bäikomm ass oder officialiséiert ginn ass: De Service information et presse informéiert d'Regierung iwwert d'Aktualitéit an der Press an de Medien. Dës Aarbecht gouf bis elo eigentlech ëmmer gemaach iwwert de Wee vun der Revue de presse, mä et stoung net en tant que tel am Gesetz vun 1991 dran.

An drëtt Missioun, déi bäikomm ass: De Service information et presse definéiert eng Strategie fir d'Promotioun vun de sougenannten „open data“ an den Zougang zu den Informatiounen a setzt dës Strategie och ëm.

Dozou ass awer ze soen, dass d'Gesetz iwwert den Informatiounszougang nach net gestëmmt ass.

En aner, net onwesentleche Punkt ass, dass aus dem Service information et presse elo eng eegestänneg Verwaltung gëtt. Dëst huet als Konsequenz, dass de Verwaltungsdirekter vum Service information et presse iwwert d'Gehältergesetz vum 25. März 2015 an de Grad 17 klasséiert gëtt.

Här President, all dës Changementer beim Service information et presse sinn net esou wesentlech, dass mir als CSV net kéinten eisen Accord zu dësem Gesetzesprojet ginn.

Ofschléissend soen ech dem Rapporteur villmools Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport an lech fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Den Här Cruchten huet d'Wuert.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).**- Merci, Här President. Ech soen natierlech och als Alleréisch dem Rapporteur, dem Här Eugène Berger, villmools Merci fir säin och hei méi wéi komplette schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Ech mengen, dass et effektiv keng Revolutioun ass, déi hei gemaach gëtt, mä et ass eng Adaptatioun. An ech mengen, dass de Rapporteur och guttgedoen huet, fir drop hinzewiesen, dass awer zënter 1991 viles geännert huet, zemools an deem Beräich vun de Medien. An do ännert sech, wéi bekannt ass, alles ganz séier. An dofir ass et gutt, dass mer d'Missioun vum Service information et presse nach eng Kéier frësch definéieren.

Mir sollten awer och net vergiessen, dass dat heiten net deen eenzege Projet ass, deen domadder ze dinn huet, notament deen, deen och meng Virriednerin virdru schonn eng Kéier ugeschwat huet, de Projet de loi 6810, wou et ëm eng transparent an eng oppe Verwaltung geet. An ech mengen, do kënnen mer verschiden Diskussiounen nach verdéiwen. Mä op jidde Fall bei deem heite Projet kann d'LSAP hir Zoustëmmung ginn. Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Den Här Adam huet d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Merci, Här President. Ech sinn och, grad wéi meng Virriedner, dermat averstanen, datt sech zënter 1991 an der Press an an den digitale Medie ganz vill geännert huet. Déi Upassung hei, mengen ech, war iwwerfällg. Et sinn eng Rei nei Missiounen derbäikomm, wéi och d'Verriederin vun der CSV betount huet.

Mir ass virun allem och wichteg, nach eng Kéier drop hinzewiesen, datt d'Regierung sech eng Strategie gëtt, wéi mer mat den „open data“ ëmginn. Mir sinn der Meenung, datt „open data“ ganz wichteg ass, souwuel fir d'Bierger, fir d'ONGen, mä awer och fir d'Wirtschaft. An dat den Zougrëff zu „open data“... A wa mer et mat effentlechen Daten ze dinn hunn, dat si jo keng perséinlech Daten, duerfir sinn déi am Prinzip alleguerten offen. An iwwert déi Strategie wier et vläicht flott, fir nach eng Kéier dorop ze schwätzen ze kommen an nächster Zäit.

Domat bréngen ech och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Weider Wuertmeldungen?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Dann huet den Här Stats- a Medieminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias.**- Här President, ech soe Merci. Ech mengen, de Resumé an de Fazit si gesot ginn. Et ass en Text vun 1991, wou elo Modifikatiounen kommen.

Ech wëll just soen, ech sinn och frou, dass d'CSV dësen Text matstëmmt. Well wann ech gesot kréien, dat wier keng Revolutioun, da wëll ech just drun erënneren, dass de SIP während deenen zwielef Joer, vun 1991 bis 2013, méi wéi zwielef Joer, net a menge Kompetenz war. An den Internet ass och net déi lescht véier Joer kreéiert ginn. Dowéinst, wa wierklech wichteg Reformen hätte misse gemaach ginn, hätten och kënnen d'Partei, déi der Madamm Adehm méi nosteet wéi mir, déi wichteg Modifikatiounen maachen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias.**- Selbstverständlech...

(Interruptions)

Jo, mä duerfir sinn ech frou, dass och dës Koalition et am Accord stoen huet. A wann et jo esou dréngend gewiescht wär, hätte jo aner Parteien déi och kënnen virdrun an engem Koalitionsaccord bréngen.

Mä wéi gesot, ech si frou, dass hei drun erënnert ginn ass, dass et och de Wonsch war,...

(Brouhaha)

...dass de SIP fir d'ganz Regierung soll schaffen. Dat ass och ee vun de Fazite vun dësem Text, dass et fir eng ganz Regierung ass a fir ze

reorientéieren. An et ass och scho gesot ginn, dass d'Mediellandschaft sech geännert huet.

An ech weess net, wie vun lech nach den Tele-text kennt, mä wann ee bedenkt, dass deemools och gesot ginn ass, dass an den 90er Joren de Programm...

(Brouhaha)

...VidéoState war dat, wat dann och nach an den Texter stoung. An ech mengen, d'Besoinen, déi de Bierger huet vis-à-vis vun der Informatioun an der Rapiditéit vun der Informatioun, sinn haut och anerer wéi déi, déi mer 1991 nach haten.

Et gëtt de gesetzleche Kader, fir dëst och unzepassen. Wéi gesot, déi klassesch Missiounen vum SIP bleiwen och erhalen, mä et ass och eben de Wonsch, den Audiovisuell an och d'sozial Medie mat anzubannen.

Wat och wichteg ass, dat sinn déi méi rezent Missiounen, wou mer och scho virdrun driwwer geschwat hunn, iwwert den „open data“, dass mer scho wëssen, wie sech och dorëms soll këmmen. An dass eben d'Donnée ouverte,... an dass de SIP och déi nei Missioun soll kréien an duerfir och d'Kompetenze kréien.

Dat sinn engersäits d'Férdere vum „open data“, also d'Engagement vum Stat, fir de Bierger a Biergerinnen all déi Donnéeë fräi zur Verfügung ze stellen, déi déi effentlech Hand huet. Natierlech nëmme soulaang déi Donnéeën net müssen ënner Verschloss bleiwen. An anerersäits Accès zu Informatioun, also d'Recht vun eise Bierger a Biergerinnen, och vum Stat déi Informatiounen, déi se interesséieren, ze froen an esou wäit wéi méiglech an och esou schnell wéi méiglech virun allem ze kréien.

An da ware Saachen och am Text, déi e bësse speziell waren, Här President, déi hu mer misen awer verbessern. Dat ass eben, dass dra stoung, dass de Minister, deen zoustänneg ass fir d'Informatioun deen ass, deen zoustänneg war. Dat heescht, et war de Minister, deen zoustänneg war fir d'Informatioun. Dat ass elo geännert. Et ass de Chef vun der Regierung, de Regierungschef, dat heescht de Premierminister, deen dat gëtt, a mir hu keen Informatiounsminister méi, deen iwwer säin offizielle Kanal dann d'Informatioun no bausse bréngt.

A wéi gesot, et ass och dee Punkt vun der Administration gouvernementale, wou gesot ginn ass: Et war keng eegestänneg Administration gouvernementale. A mat deem heiten Text gëtt dat dann och elo gemaach.

An ech mengen, dass dat och wichteg ass, dass en Direkter dran ass, deen och d'Adaptatiounen ka maachen. Well den Text gesäit dräi Sektione vir: Dat ass eng Kéier d'Section information, d'Section publication an d'Section administration. An haut eleng huet de SIP scho siwe Sektione: Affaires générales, Communications gouvernementales, Internet, Éditions et communiqués, Revues de presse, Système d'information, Open data an Accès à l'information.

An et ass wichteg, dass den neien Direkter och Kompetenz kritt, fir deen Text eben an déi Organisation en interne kënnen esou ze organiséieren an en net nëmmen Direkter ass, well en den Titel dierf droen - well dat war den Text, dass et e Beamte war, deen d'Recht hat, den Titel dierfen ze droen -, mä dass haut och de SIP en Direkter huet, dee responsabel ass fir seng Administratioun a wou d'politisch Responsabilitéit beim Regierungschef steet.

Dowéinstder soen ech Merci fir déi grouss Zoustëmmung. Wéi gesot, et ass keng revolutionär, mä et ass eng wichteg Etapp an enger Modernisatioun und vun enger Mediellandschaft a vu sengen eegenen Institutionen, déi fir de Stat schaffen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Domat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen a kënnen iwwert de Projet de loi 7133 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7133 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss: 60-mol Jo. Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes,